déi Lénk STAD

D'Gentrifizéierung vum Pafendall, oder wéi d'Gemeng hier Awunner verdränge léisst

Am Pafendall riets vun der Primärschoul zur Säit vun der Uelzecht, virum Terrain vun der aler “Schräinerei”, steet e grousst Schëld vun der belscher Promoterfirma ICN Development. Dat sinn déi selwëcht, déi zesumme mat TRALUX immobilier a BESIX RED d'Terraine vu Villeroy&Boch opkaaft hunn an déi d'Fënsterschlass an der rue des Bains superluxuriéis renovéiert hunn.

Et schéngt, wéi wann och am populäre Quartier Pafendall d'Stater DP-CSV Majoritéit déi privat Promoteuren, meeschtens iwwer auslänneschen Invest, weider gewäerde léisst fir superdeiere Wunnraum ze schafen.

Dobäi ass e groussen Deel vun den Terraine ronderëm an ëffentlëcher/kommunaler Hand. Do muss ee froen, firwat d'Gemeng dat zanter laangem eidelt “Schräineratelier”-Haus net selwer kaaft huet fir do an eegener Regie e koherente sozial- abordable Wunnengsprojet ze realiséieren. An dat prioritär op lokativer Basis, fir zukünfteg Awunner an d'Stad ze zéien, respektiv déi bestoend Populatioun net weider durch eng ëmmer méi grouss Gentrifizéierung aus der Stad eraus ze drängen.

Communiqué déi Lénk Stad Lëtzebuerg, den 19. August 2020

La gentrification du Pfaffenthal, ou comment la Ville permet l’éviction de ses habitants

Un panneau de la société de promotion belge ICN Development est actuellement accroché à droite de l'école primaire du Pfaffenthal du côté de l’Alzette, devant le terrain de l'”ancienne menuiserie”. ICN, c’est le promoteur qui, avec TRALUX et BESIX RED, a racheté les terrains de Villeroy&Boch et qui a rénové de manière superluxueuse la “Fënsterschlass" dans la rue des Bains.

Il semble que la majorité DP-CSV de la Ville de Luxembourg continue de laisser le champ libre aux promoteurs privés pour créer, très souvent avec des capitaux internationaux, des logements d’un niveau de prix inabordable pour le commun des gens.

Et cela même dans le quartier populaire de Pfaffenthal, à un emplacement où une grande partie des terrains avoisinants est en mains publiques. Il faut poser la question de savoir pourquoi la commune n'a pas acheté elle-même la maison qui porte le nom d’ancienne scierie, inhabitée depuis longtemps, afin de réaliser ici un projet de de logements locatifs abordables, qui font cruellement défaut. Ceci devrait être une priorité aussi bien pour rendre la ville attractive pour les générations futures que pour éviter une exclusion progressive de ses habitants actuels du fait d’une gentrification qui gagne du terrain à vue d’œil.

Communiqué déi Lénk Stad Luxembourg, le 19 août 2020